Lëtzebuerger Guiden a Scouten EAS

*Verspriechenskoffer VIRBEREEDUNG OP ENG VERSPRIECHENSFEIER*

# Titel : RARO-WUECHT GINGKO

fräi no : De Guide Routier, Method fir Ranger-Rover vun den LGS, S. 41-49.

**Wichteg :** *amplaz vum Gingko kanns du och en anere Bam als Thema wielen. Da muss du just d'Meditatioun um Schluss upassen ! D'Bedeitung vu verschiddene Bamzorten (och déi mythologesch) gëtt z.Bsp. flott an einfach an dësem Buch erkläert : Neumann Antje + Burkhard, Waldfühlungen, Ökotopia Verlag.*

**Branche:** *RaRo*
**Zäit:** *3-4 Stonnen*
**Plaz:** *an der Natur, e (Rond)-Wee vun +- 5km*
**Persounen:** *2-12 (bei méi muss e mat Gruppen zu 2 an 2 funktionnéieren)*
**Typ:** *COVID-Konform, Sortie, Spirituelles, ...*

## Material

- Käerze fir de Wee ze zeechnen
- 1 Noutbréif (Kopie vum Wee mat Telefons-Nummeren) pro Equipe
- Apdikt
- all RaRo brauch eng Täscheluucht + eppes fir Noten ze huelen
- pro RaRo: LGS-Verspriechenstext, LGS-Gesetz, ev. LGS-Gebiet, Statiounstexter
- pro RaRo : Planz-Dëppchen, Pabeierstut, Planz-Buedem, ee (Gingko-)Beemchen (oder aner Planz) https://www.ginkgoshop.de/ginkgopflanzen/ginkgo-babys.php 6€ pro Planz oder 3€ fier 4 Somen (déi da selwer musse keime gelooss ginn, cf Annexe)
- pro RaRo : eng Schneek an e Gedrénks, Engagements-Badge

fier Statiounen:
- Iglu, Carrymat, Decken, Zeitungs-Artikelen (iwwert aktuell Welt-Problemer), Pech,
- 2 laang Bengelen, 2 Forchetten, *Tesa*-Pech, Teller mat Uebststécker
- Foulard, klenge Bësch-Parcours iwwert verschidden Zorten Naturmaterial (z.Bsp. Äscht, Blieder, Buedem, …) an ev. och « onnatiirlech » Saachen (z.Bsp. Bänk, Korkestëpp, …), Duch fir d'Féiss ofzedréchnen, Stränz + Réserve-Bidon mat genuch Waasser
- Carrymat, Decken, Käerzen/Téiliichter
- Holz (fir e Lagerfeier), evtl. Fakelen, Text Ginkgo-Meditatioun

## Allgemenges

E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

Eng RaRo-Wuecht ass eng traditionell, méi besënnlech, RaRo-Aktivitéit. D'RaRo maache sech während der Nuecht eleng oder zu zwee op de Wee a setze sech ënnerwee mat engem (normalerweis méi perséinlechen) Thema ausernaner. Ënnerwee kréie si op 5 originelle Statiounen Ustéiss zum Thema. Meeschtens gëtt d'Wuecht bei engem flotte Lagerfeier oder jiddefalls am grousse Krees ausklénge gelooss.
An deem Krees kann dann d'Verspriechen gemaach ginn an duerno mat engem gudde Maufel gefeiert ginn.
Si dauert vun owes fréi bis spéit an d'Nuecht.
De Wee (am beschten duerch vill Bësch) soll c. 5 km laang sinn, sou datt no c. all Kilometer eng vun deene 5 Statiounen ass.
De Wee muss ofgetréppelt a (méiglecherweis mat Stuerm-Käerzen) däitlech markéiert sinn, fir datt d'Leit net zevill mam Wee beschäftegt sinn a sech wierklech kënne "goe loossen".
D'Statioune musse kloer markéiert, opgeriicht a je nodeem besat ginn.

## Ënnerlagen

- ✓ Fiche pro Statioun mat Text an Aufgab
- ✓ Blat mat all den Texter fier d'RaRo (auserneen schneiden an op all Statioun de passende matginn)
- ✓ Genauen Oflaf vun der Aktivitéit mat allen Texter an Erklärungen

## Erklärung/ Beschreiwung

D'RaRo ginn (no enger Stäerkung) an engem Ofstand vun c. 10 Minuten eenzel an d'Däischtert op de Wee geschéckt. Um Départ kréie si gesot, datt si sech elo mat hirem eegenen Engagement an hirem Liewensprojet kënnen ausernanersetzen an ënnerwee e puer Ustéiss fir hir Iwwerleeunge kréien.

Si sollen eng Täscheluucht, eng Weekaart (als Sécherheet) a gudd Schong dobäi hunn.

D'Käerze markéieren hire Wee.

Op all Statioun kréie si op ënnerschiddlech Aart a Weis en Input op Basis vum Thema. Aus döser ginn dann eng Rei Iwwerleeungen zum Thema "Engagement/Verspriechen" gezunn.

### Briefing vun de RaRo virun der Wuecht :

- ✓ Wie mécht gäer säin Verspriechen/Engagement ?
- ✓ Huet een Angscht eleng ze goen ? (wa jo, evtl. zu 2 goen)
- ✓ De Wee an d'Statioune si mat Stuerm-Käerzen (dh. mat Deckel) gezeechent.



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

- ✓ Et gi besaten an onbesate Statiounen.
- ✓ Dir kritt een Noutbréif (Kopie vum Wee mat Telefons-Nummeren).
- ✓ All 7-10 Minutte geet ee fort (hänkt vun der Zuel vun de Leit of…)
- ✓ Zäit op enger Statioun : c. 5 Minutten (d.h. Zäit kucke beim Ukommen !)
- ✓ Wann d'Aufgab op der Statioun fäerdeg ass, huelt/kritt dir een Objet an een Text/Zitat, fir ënnerwee ze meditéieren an evtl. kritesch ze hannerfroen !
- ✓ Net lafen, et geet net ëm Vitesse !
- ✓ Reiefolleg vum Départ festleeën !

**allgemengt Material :**

- Käerze fir de Wee ze zeechnen
- 1 Noutbréif (Kopie vum Wee mat Telefons-Nummeren) pro Equipe
- Apdikt
- all RaRo brauch eng Täscheluucht + eppes fir Noten ze huelen

## Départ (besat)

Material :

pro RaRo = LGS-Verspriechenstext, LGS-Gesetz, ev. LGS-Gebiet

Kader : roueg Plaz, am Krees sëtzen, Käerzestëmmung, roueg Musek, …

Aufgab :

- ✓ Lies de Verspriechenstext/Engagementstext.
- ✓ Iwwerlee dir, obs du däi Verspriechen/däin Engagement wëlls maachen (oder erneieren). An doduerch wëlls « d'Welt e Stéck besser ze maachen ».
- ✓ Wanns du nach Zäit hues, notéier dir deng 1. Gedanken derzou…

Vill Gléck ! Vun elo un, mécht all 7-10. Minutten e sech op de Wee !

--------------------------------------------------

## Statioun 1 : Deng Bezéiung zur Gesellschaft (net besat)

Material :

° Iglu, Carrymat, Decken, Zeitungs-Artikelen (iwwert aktuell Welt-Problemer), Pech, Statiounstext *Auge um Auge*

° pro RaRo : Planz-Däppchen, Pabeierstut

Aufgab :



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

- ✓ Klamm an d'Hiel (= Iglu), déi eis Gesellschaft duerstellt, a lee dech op Carrymat/Decken.
- ✓ Kuck ronderëm dech a looss dësen Ausschnëtt vun der Welt op Dech wierken !
- ✓ Schreif duerno deng Gefiller a Gedanken dozou op !
- ✓ Statiounstext : « *Auge um Auge – und die ganze Welt wird blind sein* » (Mahatma Gandhi

| | |
|---|---|
| → Mathuelen : eng Tut an e Planz-Dëppchen (= Symbol fir eis Gesellschaft) ! |  |

<u>Statioun 2 : Deng Bezéiung zum Matmënsch (besat)</u>

Material :

° 2 laang Bengelen, 2 Forchetten, *Tesa*-Pech, Teller mat Uebststécker, Geschicht *Himmel an Häll*

° pro RaRo : Planz-Buedem, Geschicht *Himmel an Häll*

Aufgab :

- ✓ An der Mëtt steet en Teller mat Uebststécker (= dat Schéint vun der Welt). Du däerfs sou vill lesse wéi's du wëlls !
- ✓ Den Hoken / déi eenzeg Konditioun : du muss dës 2 laang Bengelen, un deenen eng Forschette festg emaach ass, benotzen ! Du muss de Bengel hanne beim Still upaken an du däerfs nëmmen eng Hand benotzen !

Wat ass den Trick ?

Kuerzt Gespréich mam Statiounsleeder iwwer de Sënn vun dësem Spill.

Als Nodenk-Hëllef : Erziele vum Märchen *Himmel an Häll*.

<u>Geschicht vun *Himmel an Äerd*</u>

[Peter Bleeser, *Geschichten für Sinndeuter*, S. 30, DPSG Georgsverlag]

*Ein Rabbi kommt zu Gott : „Herr, ich möchte die Hölle sehen und auch den Himmel.“*

*„Nimm Elia als Führer“, spricht der Schöpfer, „er wird dir beides zeigen.“*



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

*Der Prophet nimmt den Rabbi bei der Hand. Er führt ihn in einen großen Raum. Ringsum Menschen mit langen Löffeln. In der Mitte, auf einem Feuer kochend, ein Topf mit einem köstlichen Gericht.*
*Alle schöpfen mit ihren langen Löffeln aus dem Topf. Aber die Menschen sehen mager aus, blass, elend.*
*Kein Wunder : Ihre Löffel sind zu lang. Sie können sie nicht zum Munde führen. Das herrliche Essen ist nicht zu genießen.*
*Die beiden gehen hinaus : „Welch seltsamer Raum war das ?“ fragt der Rabbi den Propheten. „Die Hölle“, lautet die Antwort.*

*Sie betreten einen zweiten Raum. Alles genau wie im ersten. Ringsum Menschen mit langen Löffeln. In der Mitte, auf einem Feuer kochend, ein Topf mit einem köstlichen Gericht. Alle schöpfen mit ihren langen Löffeln aus dem Topf.*
*Aber – ein Unterschied zu dem ersten Raum : Diese Menschen sehen gesund aus, gut genährt, glücklich.*
*„Wie kommt das ?“ Der Rabbi schaut genau hin. Da sieht er den Grund : Diese Menschen schieben sich die Löffel gegenseitigin den Mund. Sie geben einander zu essen. Da weiß der Rabbi, wo er ist.*

| | |
|---|---|
| → Fëll nach Buedem an däin Dëppchen, als Symbol fir däi Matmënsch / fir déi Leit, déi dir vertraut sinn ! |  |

<u>Statioun 3 : Deng Bezéiung zu Dir selwer (net besat)</u>

Material :

pro RaRo : ee Beemchen + Statiounstext „*Ihr solltet euch immer auf euch selbst und nicht darauf verlassen, was andere für euch tun können.*“ (Lord Robert Baden-Powell)

Aufgab :



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

- ✓ Iwwerlee dir deng 5 gréisst Stäerkten an deng 5 gréisst Schwächten ! Schreif se op.
- ✓ Iwwerlee dir, wat dir méi schwéier gefall ass fir ze fannen (Stäerkten oder Schwächten) !

| | |
|---|---|
| → Huel dir e Beemchen, als Symbol fir dech selwer a fir däin Engagement fir « eng besser Welt ».<br>→ Planz en an däin Dëppche mam Buedem !<br>Lo huet däi Beemche méi Plaz fir sech ze entfalen ! |  |

## Statioun 4 : Deng Bezéiung zur Ëmwelt (besat)

Material :

° Foulard, klenge Bësch-Parcours iwwert verschidden Zorten Naturmaterial (z.Bsp. Äscht, Blieder, Buedem, …) an ev. och « onnatiirlech » Saachen (z.Bsp. Bänk, Korkestëpp, …), Duch fir d’Féiss ofzedréchnen, Stränz + Réserve-Bidon mat genuch Waasser

° pro RaRo : Statiounstext :

> *„Alles, was nicht natürlich ist, ist unvollkommen !“* (Napoléon Bonaparte)
>
> *„Bisher mussten wir uns gegen die Natur behaupten. Von nun an müssen wir uns gegen unsere eigene Natur behaupten.“* (D. Gabor 1900-1979, ungar.-brit. Physiker, Nobelpreisträger 1971)

Aufgab :

- ✓ Déi deng Schung aus. Du kriss mat engem Foulard d’Aen verbonn.
- ✓ Ech féieren dech duerch e klenge Parcours. Ënnerwee solls du roden, iwwer wats du trëppels. Mat den Hänn solls du och puer Beem asw. taaschten a roden, wéi e Bam et ass (Bich, Eech, Kiefer, ….). Wéi spiert dat sech un ?
- ✓ (Nom Spill) Maach elo mat Waasser/Duch deng Féiss propper. Wéi spiert dat sech un ?



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

| | |
|---|---|
| → Nätz lo mam Waasser, dem Symbol fir d’Natur/Ëmwelt däi Beemchen ! |  |

## <u>Statioun 5 : Deng Bezéiung zur Spiritualitéit (net besat)</u>

Material :

° Carrymat, Decken, Käerzen/Téiliichter

° pro RaRo : Statiounstext :

*„Niemand ist sehr gut, wenn er nicht an Gott glaubt und seine Gesetze hält. Deshalb muss jeder Pfadfinder eine Religion haben.“* (Lord Robert Baden-Powell)

*„Ich glaube, dass Gott uns in diese Welt gesetzt hat um glücklich zu sein und uns des Lebens zu freuen.“* (Lord Robert Baden-Powell)

Kader : eng besënnlech Plaz, déi een inspiréiere ka fir Nozedenken (Bsp. eng Kapell/Weekräiz, schéine Bam, eng Quell/Weier, ënnert fräiem Himmel mat Stäeren, …)

Aufgab :

| | |
|---|---|
| ✓ Sëtz oder lee dech op dës extra Plaz (Carrymat/Decken)<br>✓ Versich ze spieren, obs du éischter Angscht hues oder éischter eng Art Urvertraue spiers.<br>✓ Gëff dir bewosst, datt däi Beemchen (sou wéi mir) d’Sonn (also eng Kraaftquell/Symbol fir « Schöpfer ») brauch fir ze wuessen.<br>✓ Maach dir duerno op d’manst 3 Saache bewosst, déi dir am meeschte Kraaft ginn am Liewen ! Schreif dir se op. |  |

Lëtzebuerger Guiden a Scouten
EAS

Arrivée beim Lagerfeier (besat)

Material :

° Holz (fir e Lagerfeier), evtl. Fakelen, Text Ginkgo-Meditatioun

° pro RaRo : eng Schneek an e Gedrénks, Engagements-Badge

Accueil :

Huel dir eng Schneek an eppes ze drénken a setz dech ronderëm d'Lagerfeier.

Versich roueg ze bleiwen, bis datt all Leit ukomm sinn.

Benotz dëse Moment vu Rou fir un dengem Verspriechenstext/Engagementstext weider ze schaffen. Oder kucke einfach e bëssen an d'Feier !

Wann se all do sinn, maache mir eng kleng Engagementsfeier.

Duerno gëtt et eppes fir hannert d'Knäpp.



E grousse Merci un eis Sponsoren lalux VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil BIL BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

**Aleedung / Iwwerleedung an d'Engagements-Feier = Gingko-Meditatioun**

Setz dech mat dengem Beemche gemittlech dohinner…

Looss dir Zäit a kuck, dass de wierklech bequem an entspaant do sëtz…

Hal de Beemchen, deens du krus, fest an dengen Hänn !
Dat ass elo däi Beemchen…
Maach elo deng Aen zou a versich, dech weider ze entspanen…
Konzentréier dech op dech selwer an däi Beemchen a vergiess Alles, wat ronderëm dech ass…

Otem déif an, a probéier just nach, dengem Otem nozelauschteren…
Konzentréier dech ganz op däin Otem, … otem bewosst, …
Spier däin Otem, spier wéi's du d'Loft an an aus otems… an… an aus…
Fill wéi's du elo roueg gëss…
Lauschter wéi däin Otem kënnt a geet… kënnt… a geet… a gëff ëmmer méi roueg…
Däin Otem kënnt a geet…
Elo bass du ganz roueg.
Konzentréier dech elo op de Beemchen, deens du an dengen Hänn häls.
Däi Beemchen.

Et ass e Gingko-Beemchen !

De Ginkgo ass op seng Manéier eenzegarteg op der Welt, well hie sech a gewëssem Sënn geweigert huet, bei der Évolutioun matzemaachen. Hien ass deen eelste Bam vun der Welt, a war viru laanger Zäit iwwerall op der Äerd doheem. Seng Wuerzele leien an enger Zäit, déi méi wéi 250 Millioune Joren hier ass, wou et op der Äerd mol nach keng Vigel a Saurier gouf a wou grouss Deeler vun Europa vum Mier bedeckt waren.

Zéi wéi hie war, huet hie quasi alles iwwer-lieft a mat-erlieft, ugefaang mat der Drift vun de Kontinenter, d'Eropdrécke vun de Bierger, an d'Zäit vun de Reptilien a villen anere scho laang ausgestuerwene Liewewiesen. Seng gréissten Zäit war virun 220-135 Millioune Jor : zur Zäit vun den Dinos an den éischte Viggel gouf et eng 250 verschidden Zorte vu Ginkgos !

Iergendswann ass et dunn awer séier biergof gaangen. Wéint dem Ännere vum Klima, den Äiszäiten an der Konkurrenz vun anere Beem, huet seng Zuel sou staark ofgeholl datt hie ganz ausgestuerwe war.

Ganz ? Nee ! An engem Dall an de Bierger an engem Reservat a Süd-China, op engem klengen Areal vu just 25 Quadrat-Kilometer, huet hien iwwerlieft. Hei wuessen nach eng 200-250 ural Ginkgo-Beem, no bei engem Floss, an op den Häng. All aner Ginkgo-Beem, déi et lo rëm weltwäit gëtt, si vu Mënschenhand geplanzt ginn.

De Gingko-Bam ka méi wéi 1000 Joer al ginn. Deen eelste Ginkgo a China ass c. 4000 Joer al.

Well de Ginkgo de leschten vun enger deemools heefeger Zort ass, huet den Charles Darwin hien e „liewegt Fossil" genannt. Ënnert de wéinegen nach liewege „Flora-Fossilien" ass hien deen eelsten.

Datt et de Gingko nach gëtt, ass wéi eng Zort Botschaft vun engem anere Stär. Wann ee bedenkt, wéi kuerz et de Mensch réicht gëtt a wéi kuerz e Mënscheliewen ass, ass de Ginkgo eng Zort „onvirstellbar Inflatioun vun der Zäit".



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

Aus däer Ursaach gëtt zanter Jorhonnerte gesot, datt de Ginkgo Heelkräften hätt. Mat him verbënnt een Trouscht an Hoffnung. Hien ass eng lieweg Legend. Och praktesch gëtt hie vun de Mënschen op vill verschidde Manéiere benotzt : d'Holz, d'Schuel, d'Blieder, de Som.

D'Grenzen tëschent ritueller a praktescher Bedeitung bei dësem faszinéierenden, schéinen an eelste Bam vun der Welt si fléissend.

De Ginkgo, och nach Biloba-Bam genannt, ass een natiirleche Phänomen an dach e Mythos.

Wéint sénger Iwwerliewensstrategie, senger Kraaft a Schéinheet hu sech scho vill bedeitend Perséinlechkeete mat him beschäftegt. Hien ass widerstandsfäheg géint Krankheeten, géint Insekteploen, Pilzer, Feier, Loftverschmotzung a souguer géint radioaktiv Strahlung.

Besonnesch a Südostasien gëtt et e regelrechte Ginkgo-Kult, jo, de Bam gëtt mysthesch veréiert.

Mee och an Europa gëtt den Interessi ëmmer méi grouss, sief et an der Medizin, an der Konscht, an der Literatur oder einfach als Symbol vu Verstännegung a Léift.

Huel dir lo e bëssen Zäit, fir dech méi genee mat dengem Ginkgo ze befaassen.

Fill fir d'éischt emol säi Stamm. Elo ass en nach kleng an zerbriechlech. Wanns du wéils, kéins du en an enger Kéier briechen. D'Liewe vun dësem Bam läit deemno wuertwiertlech an dengen Hänn, an denger Verantwortung. De Respekt virum Liewen a virun deem, wat hien duerstellt, hënneren dech dorunner, de Bam futti ze maachen.

Wanns du dësem Bam d'Chance gëss grouss ze ginn, gëtt de Stamm engesdags esou grouss a staark, datt hien net méi sou liicht futti ze kréien ass an eng riseg Bamkroun kann droen ; da kann hien dech ëm villes iwwerliewen a laang Zäit fir seng ganz Emwelt nëtzlech sinn.

Fill elo seng Schuel. Ass se rau oder glat ? … Wanns du wéils, kéins du e Stéck vun der Schuel erofrappen an de Bam géng vläicht verdréchenen… Me de Respekt hënnert dech wuel dru fir dëst ze maachen… Doduerch kann de Bam säi Saaft a seng Kraaft hale fir grouss a staark ze ginn, fir enges Dags nëtzlech ze gi fir seng Ëmwelt.

Fill elo d'Äscht vum Bam mat senge Blieder. Huet hie vill oder nëmme puer Äscht ? Vill oder just puer Blieder ? Fillen d'Blieder sech rau oder glat un ? … Wanns du wéils, kéins du deen een oder aneren Aascht ofbriechen, dat eent oder anert Blat erofrappen… Mee de Respekt virun dësem Liewen hënnert dech wuel drun… Wells du all Äscht a Blieder dru léiss, kann de Bam spéider emol e schéine, grousse, gesonde Bam ginn, de kann nëtzlech si fir seng Ëmwelt.

Fill elo de Buedem rondrëm d'Wuerzele vum Bam… Ass de Buedem fiicht oder dréchen ? … De Buedem gëtt dem Bam all d'Nährstoffer déi hie brauch fir ze liewen… Wanns du wéils, kéins du de Bam an enger Kéier aus dem Buedem zéien an en hätt keng Chance méi fir laang ze liewen. Mee de Respekt virun dësem Liewen hält dech dovunner of. Doduerch huet de Bam d'Chance grouss a staark ze ginn an esou nëtzlech ze gi fir seng Ëmwelt.

Sou wéi's du selwer, ass och däi Bam eenzegaarteg op der Welt. Kee Bam ass esou wéi hien…

Du hues dir en elo schons « ganz vertraut » gemaach a kanns hie vläicht vu villen anere Beem ënnerscheeden… De Schrëftsteller Antoine de Saint-Exupéry seet : "Wats du dir vertraut gemaach hues, dofir bass du däi ganzt Liewe laang verantwortlech".



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

Dofir bass du elo fir dëse Bam verantwortlech... Ob de Bam engesdags e grousse staarke Bam gëtt, deen nëtzlech wäert si fir seng Ëmwelt, hänkt vill vun dir of... Ob hie weider ka wuessen, hänkt dovun of, obs du hie geschwënn ënzwouch an de Buedem planz... op eng Plaz wou hie geschützt ass a wou hie Reen a Sonn kritt...

Vläicht kann hien dech vun elo un – däi Liewe laang – un deng Verantwortung vis-à-vis vun all Liewen, vis-à-vis vun der Schöpfung a vläicht virum Schöpfer selwer erënneren.

Vläicht kënnen engesdags Vigel a senge gréngen Äscht hiert Nascht bauen oder Kaweechelcher vun engem Aascht zum anere sprangen.
Vläicht kann de Bam spéider ville Leit Schied maache wann et déck waarm ass, oder eng dréche Plaz bidde wann et riicht era reent.

Vläicht steet hien um Ufank vu ville villen anere Beem.

Wann hie mat denger Hëllef grouss gëtt, wäert hie mat Hëllef vum Liicht ganz vill Sauerstoff produzéieren. Am Duerchschnëtt kann hie pro Joer 182 Kilo $CO^2$ bannen.

Vläicht hëlleft dëse Baam spéider esouguer emol den Daach vun engem Haus droen.

Vläicht wiermt hien eng Kéier mat senger Glouss eng Trupp Guiden a Scouten, déi hier kal Hänn a Féiss bei säi Feier strecken. Vläicht hëlleft hien hinnen, sech Gedanken ze maachen iwwer d'Schéinheet vun der Schöpfung oder einfach iwwer de Sënn vum Liewen... éier hie mat sengen Äschen de Buedem nees fruuchtbar mécht.

D'Schicksal vun dësem Bam läit also wuertwiertlech an dengen Hänn.

Iwwerlee dir elo, wat's du mat dësem Bam wëlls maachen, wanns du vun dëser Wuecht heem kënns. Planz du en direkt entzwousch oder stells du en an den Eck bis e verdréchent ?

Verschenkst du e vläicht oder wëlls du en halen ? ... Maach dir mol ee Moment Gedanken doriwwer...

Wanns du elo wees, wat's du mam Bam wëlls maachen, komm nees mat denge Gedanken zréck bei eist Lagerfeier, bei deng RaRo-Kollegen.

Maach elo deng Aen op a kuck nach eng Kéier däi Bam. Wells du dir hie « vertraut » gemaach hues, erkenns du hie vläicht ënner allen aneren erëm. Wanns du dir net sécher bass, zeechen hien op eng Manéier. Well du bass vun elo u fir hie verantwortlech.



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG 1856